



ALEM
Association Luxembourgeoise
des Etudiants en Médecine



Stéphanie – Berlin – 5. Joer

März 2023 – Vitória, Brasilien

Als Medezinsstudentin am 9. Semester zu Berlin op der Charité hunn ech iwwert den IFMSA Scope-Programm vu Lëtzebuerg aus ee Mount en Stage a Brasilien gemaach.

Déi final Zouso vun hinne krut ech réischt 7 Woche virdrun a vun der Staat Vila Velha hat ech nach ni héieren, mee ech krut mäin éischte Choix Gynéco/Obs zougedeelt a war prett fir ee klenge Abenteuer.

Vun Lissabon iwwer São Paulo sinn ech dunn an de Staat Espírito Santo geflunn. De Stage selwer huet an zwee Spideeler an der Hauptstadt vun dësem Staat, Vitória, stattfont.

Ech hat d'Chance bei enger immens léiwer Gaaschtfamill ënnerzekommen, déi an der Nopeschstad Vila Velha gewunnt hunn. Véier Mol an der Woch huet Moies um 5:45h de Wecker gerabbel, ech hunn meng siwe Saache gepaakt an hunn mech mam Bus op de Wee an d'Pro Matre Spidol gemaach. Do hat ech meeschtens meng Schichten, déi wéi fir d'Brasilianer vu 7 am bis 7 pm gedauert huet. D' Haaptaufgaben hunn doranner bestanen déi sech kuerz virun der Gebuert befannend Fraen ze iwwerwaachen, a ggf. da bei de Gebueren



a Cesariennen ze assistéieren. Emol an der Woch konnt ech en Abléck an hier Prénatalconsultatiounen kréien. De leschten Dag an der Woch hunn ech am Spidol Santa Casa de Misericórdia verbruecht. Do konnt ech mir all virstellbar Operatiounen ukucken - vun Ovarialkarzinoma a Bartholinities bis Mastectomien an Teratomen war alles dobäi.

Ech muss soen dass den Ufank en extremen Challenge war- op der Explore Page vun IFMSA stoung dass Portugiseschkenntnisser net obligatoresch sinn, am Spidol kann awer net all Dokter oder Medezinsstudent Englesch schwätzen, wat mat Momenter zimmlech schwierig war. Am Ufank vum Stage hunn ech also virun allem observéiert, no an no konnt ech méi hëllef. Mäin Highlight war wou ech als éischt Assistenz beim Kaiserschnëtt dobäi war. Deen gëtt an hire private Spideeler bei 85% vun de Fraen duerchgefouert an Ofdreiwung ass nëmme legal bei Anencephalie, Vergewaltegung a Liewensgefor fir d'Mamm. De Kulturschock war also och ëmmer rëm present.



ALEM
Association Luxembourgeoise
des Etudiants en Médecine



Allgemeng hunn ech mech super wëllkomm gefillt a jidderee war extrem hëllefsbereet, och wat d'lwwersetzen ugaangen ass. Falls ech an enger Consultatioun rëm en groust Fragezeichen am Gesiicht stoen hat krut ech zB. net seelen eng Handysnotiz vun de Studente presentéiert: HIV, 38 weeks, pelvic pain...

Ech ka jidderengem nëmme wärmstens empfeelen sech ze trauen an déi genial Méiglechkeet a Brasilien en Stage kënnen ze machen, wouzerhuelen... si hunn en extrem ausgeprägte Sozialprogramm a si méi wéi stolz iech hiert wonnerschéint Land ze weisen! Ech kann net a Wieder faasse wéi dankbar ech fir dëse Mount sinn, medezinesch souwuel wéi kulturell a perséinlech hunn ech sou vill geléiert wéi soss néierens.